N°6256
Reçu le 08.07.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 6256 vum 27. Mee 2022 vum Här Deputéierten Marc Goergen.

Wéi schonns an der Äntwert ob d'parlamentaresch Fro mat der Nummer 3847 vum 12. Mäerz 2021 beschriwwen, ass d'Axe vun der N31 tëscht der Biff an der belsch/franséischer Grenz eng wichteg Verbindungsstrooss, déi och an den neie konzeptuellen Iwwerleeunge Bedeitung behält, wou de regionale Stroossereseau am Sënn vun enger "classification fonctionnelle" analyséiert gouf.

Am Plan national de mobilité 2035 (PNM 2035) stinn déi ugeduechte Mesurë fir de Mobilitéitskorridor N5/CFL70 (Säit 145), déi ënner anerem virgesinn, datt d'N31 ausgebaut muss gi fir d'Uertschaften aus der Regioun em Péiteng signifikant ze entlaaschten an do entspriechend Verkéiersberouegungsmoossname kennen ze realiséieren.

Momentan sinn déi entspriechend Etudë lancéiert, bei der verschidden Optiounen ob hier Wierksamkeet a Machbarkeet ënnersicht ginn. Zu dësem Zäitpunkt kann awer nach keng Ausso gemaach ginn, wéi d'Kräizungen an d'Uschlosspunkten optimal amenagéiert kenne ginn. Deementspriechend kann och am Abléck keen Timing vu méiglechen Aarbechten op dëser Plaz annoncéiert ginn.

Lëtzebuerg, den 8. Juli 2022.

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch